**BIRTZ Nicolas**, gebuer de 17.03.1922 zu Esch-Uelzecht, gestuerwen den 20.03.2006 zu Diddeleng.

Am Krich huet den Néckel de Preisen de Bass gehalen a wollt net an d'Hitlerjugend goen an huet doduerch seng Studien ugangs 1941 am Kolléisch missten opginn.

Den 11. März 1941 ass hien als Ugestallten op der Diddelenger Schmelz agestallt ginn.

Als Member vun der **Resistenzorganisatioun ALWERAJE** ass hien den 19. August 1942 vun der **Gestapo** verhaft ginn wéinst **"Hoch und Landesverräterischer Tätigkeit**". Duerno an den **K.Z. HINZERT** ageliwwert , wo hie bei schreckleche Verhéieren déi zwéin Deeg laang gedauert hunn, schwéier mësshandelt gouf.

Den 20. Januar 1943 ass hien an d' **KZ Natzweiler** verluecht ginn, wo hien ënnert der **Häflingsnummer 2198** an der Lagerkartei agedroe gouf.

An deenen eenzelnen **Arbechtskommandoen**:

**Revéier :** Februar 1943 - Mäerz 1943

**Waasserleitung:** Mäerz 1943 – Abrëll 1943

**Steebroch :** Abrëll 1943 – Méi 1943

**Struthof :** Méi 1943 – Juni 1943

**Gromperekeller *(Aussenkommando)* :** Juni 1943 – Mäerz 1944

**Niewelager: *(Aussenlager)***

**Markirch (Ste. Marie aux Mines)** : Mäerz 1944 – September 1944

**Schoemberg (Baden-Württemberg) :** September 1944 – Oktober 1944 (Unternehmen Wüste )

**Spaichingen (Baden-Württemberg)** : Oktober 1944 – Abrëll 1945 (Mauserwerke, " Tarname Metallwerke Spaichingen")

Enn Abrëll hunn déi Häftlingen **Niewelager Spaichingen** misste verloossen (well déi Alliéiert Arméien ëmmer méi no komm sinn) bewuecht vu SS Zaldoten.

De 27. Abrëll zu **Trauchgau (Ostallgäu / Bayern)** , huet een Alliéierten Fliger *(Englänner / Amerikaner ?)* des Kolonn ganz niddereg iwwerflunn , doduerch

kruten déi SS Zaldoten et matt der Angscht ze dinn a si séier fortgelaf an hunn Häfltlingen sech selwer iwwerlooss. Zesummen mam HECK Pierchen vun Esch ass den Néckel  du fortgelaf.

Si Zwee sinn du den Alliéierten Truppen entgéint gaangen. Déi hunn se do empfaangen a versuergt an dofir gesuergt dass si erëm an hier Heemecht komm sinn .

Den Néckel  war de 8. Méi 1945 endlech nees doheem.

.